

"Een Projet vun dem ech zu 100% iwwerzeecht sinn"

newHome
REAL ESTATE | PROMOTIONS

NH



Mir stellen eisen Hauptsponsor Sponsor New Home Real Estate|Promotions vir.

New Home Real Estate ass eng Agence Immobilière wou am Joer 2016 vum Gerant Baddi Sigurdsson gegrënnt ginn ass. New Home huet hei am Land zwee Büroen. Si schwätzen och 8 verschidden Sproochen.

Den Baddi huet New Home am ufank als "One-Man-Show" gegrënnt. Hien huet dunn dräi Joer reng als Agence funktionéiert, dat heescht als Gerant misst hien déi kommerziell Gestiou an d'Gestiou vu senger Agence suergen. Seng Missiounen waren verschidden. Hien misst, Immobilien sichen fir se um Maart ze bréngen, de Präis vun de Wueren ze schätzen, de Verkaf a Locatioun ze garantéieren.

No dënnen dräi Joer huet hien säin éischten

Mataarbechter agestellt an säitdem sinn Si op véier Employé gewuess. Ufanks 2021 ass New Home Promotions bäikomm wou Si eegen Projeten realiséieren an/oder fir Clienten bauen.

D'Sproochen déi Si schwätzen sinn:

-  Lëtzebuergesch
-  Däitsch
-  Franséisch
-  Englesch
-  Islännech
-  Portugisesch
-  Serbesch
-  Kroatesch

D'Adress vun den zwee Büroen sinn 📍:

Conter:
2-4 rue Edmond Reuter
L-5326 Conter
Luxembourg

Waasserbëlleg:
37ab, route de Luxembourg
L-6633 Waasserbëlleg
Luxembourg

**"Desen Projet gëtt den
Jonker d'Chance rëm een
Ziel, eng
Zougehéieregkeet an
Selbstentwécklung ze
hunn bzw unzegoen"**
Baddi Sigurdsson

Interview mam Hauptsponsor Herr Sigurdsson

1. **Gudden Moien Herr Sigurdsson, als éischt soen mir lech Merci dat dir lech Zäit geholl huet fir eisen Veräin s internen Interview. Dir sidd Agent Immobilier an Promoteur, wisou grad den F.C. Vinesca Ehnen? Dir hätt sécher kéinten een aneren Veräin aussichen deen Äre Mark nach besser zur Geltung bréngt?**

Baddi: Wisou Ehnen? Eng berechtigt Fro wann een kuckt dat ech selwer déi lescht 12 Joer zu Biwer als Spiller an Sponsor engagéiert war an ech géint den F.C. Vinesca Ehnen vill Derbyen gespilt hunn.

Dëst Kéier hunn ech awer net nëmmen op den sportlechen Deel gekuckt, mee och op den sozialen Deel, déi Plattform déi den Veräin Ehnen eisen Jongen zur Verfügung stellt.

Et ass mir net em en Sponsoring gaangen wou meng Firma zur Geltung kennt, mee dorëmmer en Projet vun dem ech zu 100% iwwerzecht sinn, ze ënnerstëtzen.

Den Projet den d 'Jongen vun den White Lions op d 'Been gestallt hunn, fir jonken Männer rëm den Spaass um Fussball ze ginn an sech kennen sportlech wei och perséinlech weider ze entwéckelen ass eemoleg.

Déi 2 Comitéen, vum F.C. White Lion an F.C. Vinesca Ehnen, hunn den gréissten Respekt verdéngt an et muss een och zréckginn. Ech hëllef an dem Fall ganz gären an sinn frou an stolz en Deel vun sou engem Projet kennen ze sinn.

2. **Wisou huet dir lech an dësem Projet verléift?**

Baddi: Dofir ginn et e puer Grënn géing ech soen.

Zu engems kennen ech den Chef Trainer ganz gudd an ech weess dat wann hien sech fir en Projet engagéiert, huet dat ëmmer Kapp an Schwanz.

Den Christian hatt mir virun der Saison vum Projet erzielt an mir den Encadrement, d 'Ziel an d 'Objektiver vum Projet erzielt an no engem gemeinsamen Meeting mam President vum Vinesca Ehnen, war ech voll an ganz iwwerzeegt.

Zum aneren, sinn ech begeeschtert vum Fait dat jonk Leit zesummekommen an sech fir aner jonk Leit engagéieren an dofir suergen dat Sie rëm no laanger Zäit rëm den Spaass um Fussball fannen an hinnen eng Chance ginn fir eng Platz um Terrain am Seniorsberäich ze hunn.

Et ass schonn méi laang bewusst dat vill talentéiert Jonker ze fréi mam Sport ophalen well Sie net genuch gefuerdert bzw. encadréiert ginn, wat richtig Schued ass.

Dat Sie den Wëllen an den Engagement an deenen schwéieren Zäiten an enger Pandemie fannen, ass fir den Hut ze zéien an ech denken do kann een net genuch Ënnerstëtzung ginn.

Den Projet ëmfaasst vill méi wéi just den sportlechen Deel, mee gétt den Jonker d 'Chance rëm een Ziel, eng Zougehéieregkeet an Selbstentwécklung ze hunn bzw unzegoen.

3. **Wat ass den Ënnerscheid tëschen dësem Projet an aner Projet?**

Baddi: Den Ënnerscheid ass dat meng Firma als Sponsor bei engem ganz neien Projet dobäi ass an aktiv en Deel dozou bäidroen kann den Projet no fir ze bréngen. Duerch dem Christian seng Arabescht an Präsenz am sportlechen Deel, stinn ech dem Projet méi no wéi wann ech lo engem aneren Veräin en herkömmlechen Sponsoring kéint ubidden an dofir och aktiv den een oder aneren Rotschlo kann mat op den Wee ginn.

4. **Als Hauptsponsor, sidd dir zefridden vum Verlaf vun der Equipe?**

Ech denken ech kéint net méi zefridden sinn mam Verlaf vun der Equipe. Wann een d'Startschwierigkeeten kuckt déi d 'Équipe hatt aus dem Gronn dat Sie quasi mat enger U22 am Seniorsberäich spillen an den Fait dat Sie ganz nei zesammen gewierfelt goufen an Zäit brauchen sech als Equipe ze fannen, muss ech soen dat eng 5. Platz an der Tabelle an der Wanter Paus aussergewöhnlech ass.

5. Sidd dir zefridden ewéi den Projet verleeft?

Baddi: Ech sinn ganz zefridden mam Projet. D 'Equipe schéngt sech fond ze hunn, ausserhalb wei och um Terrain an d 'Zesammenarbescht mam Comité vun den White Lions an Vinesca Ehnen mécht richtig Spaass. Et mierkt een en richtigen Zesammenhalt zwëschen Spiller, Staff, Comité an Sponsoren, wat am Geschäft ganz rar ass.

6. Wat sinn äre Zieler mam Veräin an der Equipe?

Baddi: Ech denken dat en realistesch Ziel vun dëser Equipe, wann ech d 'Qualitéit an d 'Entwécklung vum Kader kucken, den Opstieg spéitstens d 'nächst Saison sinn muss! Ech denken méttlerweil dat déi nei Ziel Erfaassung un kengem laanscht gaangen ass an dat wann den Kader sou weiderschafft, ass et just eng Fro vun Zäit bis dat Ziel erreecht gëtt.

Mam Veräin hoffen ech dat mir kontinuéierlech weiderhin op dem Niveau schaffen kennen an nach an den kommenden Joeren vill jonk Talenter op Ehnen kréien, déi hir Chancen fir eng fussballeresch an perséinlech Weiderentwécklung notzen wëllen.

Wann ech kucken wat d 'Jongen alles op d 'Been stellen wëllen an naher Zukunft, zweiwelen ech keng Sekonn un dem Projet.

7. Wou gesidd dir als Hauptsponsor den Veräin an Equipe an 5 Joer?

Baddi: 5 Joer ass natierlech eng laang Zäit, mee ech hoffen dat den Veräin bis dohinner sech etabléiert huet an eng wichteg Roll als Ausbildungsveräin am lëtzebuergen Fussball iwwerholl huet.

Ech gesinn d 'Equipe mat der Qualitéit an weiderhin sou vill Leidenschaft an Engagement och gären an enger 1. Divisioun, ech denken dat dierft bis dohinner net aus der Welt sinn.

8. Wat sinn äre perséinlech Wäerter?

Baddi: Meng perséinlech Wäerter sinn bessi dat wat den Projet, den Veräin an d 'Jongen representéieren.

Ech gleewen un "Hard Work" an dat wann een seng Zieler erreechen well, Duerchsetzen Verméigen an Konsistenz weisen muss fir un déi Zieler ze kommen. Dat beweisen d'Jongen Woch fir Woch um Terrain.

Ech gleewen un zréckginn. Et ass einfach ëmmer nëmmen selwer ze wëllen an ze verlaangen. Mee zréckginn ass en wichtigen Atout an eiser Gesellschaft den net d'äerf verluer goen.

Jongen weisen dat all Dag an dem Sie sech fir aner Jonker, den Veräin an d 'Equipe asetzen an versichen hir Erfahrungen an Wäerter un déi nächst weider ze ginn.

9. Déi läscht Froe, Spiller, Trainer Staff an eis Memberen froen sech wisou den Spätznumm « Baddi »?

Baddi: Baddi ass en Nickname den net oft benotzt gëtt, mee wann, dann bei méi laangen Virnimm. Mäin Bop hatt schonn selwechten Virnumm an gouf och Baddi genannt, an ech hunn den Numm dann och 1 zu 1 sou iwwerholl 😊.

Mir soen Iech Merci Herr Sigurdsson fir dat angenehm Gespräch.

Bis geschwënn an op den nächsten Heem Match an der Buvette.

Mir stellen Iech den Profil vun eisem Hauptsponsor fir, do gesidd dir wat seng Virléiften sinn an iwwer wat hien gudd laachen kann:

- FOOTBALL

- Mon âge: 36
- Ma position: ailier droit
- Ma taille: 1.73m
- Mon surnom: Baddi
- Mes clubs jusqu'à présent: CSG, FC Kanach, FC Jeunesse Biwer, FC Koepchen Wormeldange
- A Ehen depuis: Saison 21/22
- Mon meilleur match jusqu'à présent: ca fait trop longtemps pour sortir un seul 😊👤
- Mon meilleur adversaire: Vinesca Ehen 😊
- Ma pire blessure: Luxation Epaule
- Mon idole dans la jeunesse: David Beckham
- Mon club préféré: BVB, ManUtd
- Mes objectif sportif: Monter en Div 2 avec Ehen
 - PRIVÉ
- Mon boulot/ma profession: Promoteur et Agent Immobilier, Investment Fund Advisor.
- Mes hobbies en plus du football: Courir, Fitness, passer le temps avec ma fille et mes proches
- Ma devise de vie: Never ever give up!
- Ce dont je peux être heureux: Mon parcours professionnel, ma famille
- Qui je voudrais rencontrer: David Beckham
- Où je voudrais vivre: Au soleil 🌞
- Ma nourriture préférée: Steak
- Ma boisson préférée: Vin Rouge
- Mon/ma musicien(ne) préféré(e): Sam Smith
- Ma chanson préférée: Pray
- Mon acteur/actrice préféré(e): Rayan Reynolds
- Mon film/ma série préféré(e): Suits, Peaky Blinders
- Ce dont je peux rire: Moi même 😊